

Här Fernand Etgen  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Mee 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministerin an un d'Madamm Familljeministerin weiderzeleeden.

Am Abléck leet d'Regierung vill Wäert drop, datt d'Schüler, déi an e puer Wochen hir Ofschlossexame schreiwen, sech op de Coronavirus teste loossen. Déi méi grouss a méi akut Gefor fir d'Gesondheet vun de Leit ass awer warscheinlech an den Altersheemer.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi eng Prioritéit hunn d'Altersheemer, d'Bewunner an d'Personal, bei der Corona-Testcampagne vun der Regierung?
2. Gëtt et spezial Moosname fir déi Membere vum Personal, déi aus besonnesch betraffene Regiounen kommen ?
3. Ginn d'Bewunner vun den Altersheemer iwwee de medezinesche Wäert, d'Fräiwëllegkeet an d'Modalitéiten vum Test genee informéiert?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten